# Aktioun fir Päischten

## „Feier a Flam sinn“

„Deen ass Feier a Flam“, sou soe mer wann ee Mënsch sech mat grousser Begeeschterung fir eng Saach asetzt. D'Feier spillt och op Päischten eng grouss Roll. Hei gëtt et als Symbol gebraucht fir den Hellege Geescht, deen eis vum Herrgott geschenkt gëtt. Eng Kraaft déi eis hëlleft, wa mer eis fir de Glawen asetzen.

Mir invitéieren iech doheem eng Flam ze bastelen. Dobäi sollt der iech d'Fro stellen:

**„Wat kann ech maache fir datt eis Gemeinschaft méi staark gëtt am Glawen?“**
**Oder: „Wéi gesäit eng „begeeschtert“ Gemeinschaft aus?“**

D'Äntwert op des Fro schreif der op d'Flam, déi der un folgend Adress schéckt:

- Claudine Milbert
  18, Neiewee
  L- 9157 Heiderscheid

oder dir mailt se un clamilbert5x@yahoo.de

D'Flame ginn fir Päischten an de Kierchen vun Tarchamps, Dol an Toodler opgehangen. Sou verbreet sech den hl. Geescht an eiser Por, wéi deemools bei den éischte Chrëschten. Et deet eis all gutt, wa mir mierken: et ginn nach vill Leit an eisen Dierfer déi fir de Glawe „Feier a Flam“ sinn. 😊 Dat gëtt Päischten 2020. Maacht mat a loosst iech begeeschteren!

2 verschidde Modeller fir d’Flam







